*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 10. 8503 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique sur l'exercice d'activités à but lucratif par certains membres de la famille du personnel de missions diplomatiques et de postes consulaires, fait à Bruxelles, le 17 novembre 2021

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8503, engem Accord tëschent Lëtzebuerg an der Belsch iwwert d'Ausübe vu lukrativen Aktivitéiten duerch d'Familljemembere vum Personal vun diplomatesche Missiounen a konsularesche Posten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi selwecht Riedner wéi beim Projet virdrun, plus nach den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région***

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Effektiv, wéi Der et scho richteg bemierkt hutt: Hei geet ëm Familljemembere vum diplomatesche Personal, dat an der Belsch schafft. Do sinn natierlech och d'Familljememberen abegraff vun deenen, déi um Konsulat schaffen. Déi sollen elo d'Recht kréien, bezuelten Aktivitéiten nozegoen. Konkreet sinn dat, wéi gesot, de Conjoint, de legale Partner oder och Kanner, déi celibataire sinn, allerdéngs manner wéi 18 Joer al sinn. Déi Dispositioune gëllen natierlech och ëmgedréit, dat heescht also och fir déi Leit aus der Belsch, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, sou datt déi kënne vun deene selwechten Dispositioune profitéieren. Dat ass allerdéngs och gülteg fir d'diplomatescht Personal, dat bei enger internationaler Organisatioun schafft, déi hire Sëtz dann entweeder an der Belsch oder hei zu Lëtzebuerg huet.

Deen Accord, deen ass de 17. November 2021 zu Bréissel ënnerschriwwe ginn. Dat ass u sech och eng Äntwert op d'Onsécherheet bei de Rechter vun deene Familljememberen, déi bis dato bestanen hunn. Ech referéiere mech hei op zwou Konventioune vu Wien, déi eng vun 1961 an déi aner vun 1963, déi u sech direkt keng Dispositioune virgesinn hunn, wat d'Recht op Aarbecht ugeet. Dësen Accord, deen inspiréiert sech och un engem bilateralen Accord vum Conseil d'Europe, deen am Fong dëse Familljememberen erlaabt, enger bezuelter Aktivitéit nozegoen.

Vläicht kuerz op eenzel Artikelen agaangen: Den Artikel 1 definéiert ganz kloer déi Memberen, déi jo a sech hei eligibel sinn, preziséiert och d'Prozedur. An da muss een och soen, datt déi Autorisatioun vum Gaaschtland ausgestallt gëtt. Bon, wat heescht Gaaschtland? Dat ass am Fong do, wou dann eeben, wéi gesot, d'Ambassade, d'Konsulat och ass. Wann een net méi Member vun deene viséierte Famillen ass, da gëtt déi Autorisatioun natierlech zeréckgezunn, sauf wann d'Gaaschtland dat géing aneschters decidéieren. D'Autorisatioun gëllt natierlech och nëmmen esou laang, wéi een op der Missioun an deem Gaaschtland ass.

Dann den Artikel 2, deen definéiert d'Prozeduren. Den Artikel 3, dee seet, datt wann de Beneficiaire vun der Autorisatioun eng Immunitéit an zivillen an an administrative Saachen huet, dat dann awer net onbedéngt fir déi Akte gëllt, déi en ausféiert a senger Fonctioun vun der bezuelter Aktivitéit.

Am Artikel 4, do geet et dann ëm d'Ophiewe vun der Immunitéit am Strofberäich. Dës Levée ka vum Staat, deen déi diplomatesch Missiounen an deem anere Staat ënnerhält, refuséiert ginn, awer nëmme wann, wéi gesot, seng eegen Interessen um Spill stinn.

A Fiskalitéits- an och Sécurité-sociale-Froen, do ass de Regimm vum Gaaschtland zoustänneg.

Deen Accord hei ass och fir eng onbestëmmten Zäit ënnerschriwwe ginn, kann allerdéngs zu all Moment gekënnegt ginn, dat allerdéngs mat engem Preavis vu sechs Méint.

Den Accord trëtt a Kraaft den éischten Dag vum zweete Mount, wou déi lescht Notifikatioun, datt déi konstitutionell a legal Prozedur ofgeschloss ass, iwwerreecht gouf.

Dësen Accord huet och keen Impakt op de Staatsbudget. Dat wäert eis jo och besonnesch interesséieren.

Den Avis vum Conseil d'État datéiert vum 29. Abrëll vun dësem Joer. Do war keng Observatioun dran.

D'Chambre de Commerce ass och ganz favorabel gewiescht an hirem Avis vum 5. Mee 2025.

Nach e ganz kuerzt Wuert iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun: Den 19. Mee ass dëse Projet presentéiert ginn. De Rapporteur ass och an der selwechter Kommissiounssitzung designéiert ginn. Den 30. Juni ass de Rapport ugeholl ginn.

An ech géing Iech och bieden, duerfir dësem Projet de loi zouzestëmmen a ginn dann och gläichzäiteg den Accord vun der DP.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Graas, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Deen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet.

***Discussion générale***

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Merci, Här President. Et wäert dat héicht Haus net wonneren, datt bei esou enger akribescher Aarbecht vum President-Rapporter d'CSV-Fraktioun nëmme kann hiren Accord ginn. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Zeimet. Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ma da ginn ech den Accord och fir d'LSAP.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Cruchten. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir ginn den Accord och vun der ADR. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Ech schléisse mech deem un an ech ginn den Accord vun deene Gréngen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat dote war esou iwwerzeegend, datt een nëmmen den Accord ka ginn.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, da stëmme mer dat dann eeben och mat.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Voilà.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Xavier Bettel,** Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Här President, mir si ganz frou, dass Der eens sidd.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci der Regierung.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8503. Den Text steet am Document parlementaire 8503[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8503 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Sou, kuckt elo nach eng Kéier Är Procuratiounen duerch oder kuckt no, ob jiddwereen gestëmmt huet. Voilà. Ech schléissen de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Maurice Bauer), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Polidori), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.